# La situation de la langue luxembourgeoise

(Si j'écris cette lettre en langue française, c'est que Monsieur le Ministre Claude Meisch a déclaré le français « langue de survie au Luxembourg » et que je n'ai point envie de passer dans l'au-delà.)

fir OP LËTZEBUERGESCH ËNNEN DRËNNER kucken

On entend que la langue luxembourgeoise se porte au mieux, qu'il n'y a jamais eu plus de locuteurs et qu'elle n'a jamais été utilisée plus qu'aujourd'hui. On se moque un peu que l'UNESCO l'ait mise sur la liste des langues en danger et on ridiculise et on traite de rétrograde les défenseurs de cette langue.

Alors qu'en est-il de la situation de notre langue nationale ? Du point de vue statistique, il semble en effet que le nombre absolu de personnes maîtrisant le luxembourgeois ait augmenté, ce qui est d'ailleurs lié à la forte croissance de la population.  Cette augmentation constitue cependant un leurre et il s'avère impératif de consulter les chiffres relatifs, qui eux, montrent le contraire : Le pourcentage de personnes maîtrisant le luxembourgeois est en nette diminution depuis des décennies et plus particulièrement les dernières années. Selon le recensement populaire en 2011, 70.5% de la population utilisait la langue luxembourgeoise au quotidien. Dans la ville de Luxembourg ce chiffre descendait même à 48,8%. En clair, plus de 50% des habitants de la ville de Luxembourg ne maîtrisent pas ou n'utilisent pas le luxembourgeois! Pire, au vu de l'augmentation du pourcentage d'étrangers habitants la capitale, le nombre de locuteurs luxembourgeois devrait continuer à régresser encore considérablement à l'avenir.

Cette situation, les Luxembourgeois la vivent au quotidien et au fil des 3 dernières décennies ils ont pu voir le retrait de leur langue dans beaucoup de domaines : les réunions de parents à l'école, les réunions de quartier, les entraînements de clubs sportifs, les manifestations populaires, culturelles ou sportives, lors de messes de l'Église catholique, les formations continues, les calendriers, flyers et brochures distribués par le commerce et les associations, les publicités au cinéma….

Et ne parlons pas des commerces, restaurants et hôpitaux, où, encore dans les années 80 (et oui, difficile à croire aujourd'hui), presque tout le personnel parlait le luxembourgeois.

Le constat est simple : La langue luxembourgeoise disparaît petit à petit de l'espace public, remplacée largement et surtout par le français. Même chose pour l'allemand qui a dû céder sa place primordiale sur les formulaires, les publicités, les panneaux, les brochures d'information. Rappelons par ailleurs que le français reste une langue étrangère pour 90% de la population du Luxembourg.

Alors pour être « in » certains acteurs proposent des ouvrages bilingues français/anglais ce qui n'aide pas vraiment le Luxembourgeois lambda. Les dommages collatéraux sont ces habitants, luxembourgeois ou non-luxembourgeois qui éprouvent des difficultés d'apprendre les langues étrangères, dont des personnes avec des difficultés d'apprentissage ou ayant un handicap, ou alors des personnes qui perdent leurs connaissances en langue comme par exemple les personnes âgées, des personnes atteintes de démence ou alors tout simplement les personnes qui ont fait leurs études et/ou qui ont vécu à l'étranger. Et finalement, nos enfants qui ne maîtrisent pas (encore) le français.

Pour le gouvernement de M. Bettel, ceci ne semble pas être une priorité, bien loin des préoccupations de la

population! Le ministre Meisch va même donner une direction inappropriée au débat en déclarant le français « langue de survie » au Luxembourg.

Alors que pourrait faire un gouvernement pour freiner le déclin de la langue luxembourgeoise ?

- Affirmer l'importance du luxembourgeois, comme seule langue nationale, dans la vie quotidienne.
- Renforcer la présence du luxembourgeois sur les sites internet des administrations et communes ainsi que sur les panneaux, les noms de rues et en général dans l'espace public.
- Faire reconnaître la langue luxembourgeoise comme langue officielle de l'UE.
- Promouvoir le système scolaire luxembourgeois comme meilleur outil d'intégration.
- Privilégier la situation primordiale de notre langue nationale dans les crèches et autres établissements éducatifs.
- Encourager les immigrants d'apprendre comme première langue le luxembourgeois,
- et leur permettre de vivre au Luxembourg sans nécessairement devoir faire le détour par le

français.

Finalement, il nous incombe de mettre au clair : Ces mesures ne feraient de mal à personne, le but n'étant ni un repli identitaire ou national, ni une contestation du multilinguisme, mais bel et bien une ouverture à l'intégration et à la pérennité de notre langue.

**D'Situatioun vun der Lëtzebuerger Sprooch**

(Ech schreiwen dëse Bréif op Franséisch, well de Minister Claude Meisch gesot huet, dass Franséisch "d'Iwwerliewensprooch zu Lëtzebuerg" wier an ech wëll awer nach e puer Joer hei verbréngen)

Et héiert een oft, dass et der Lëtzebuerger Sprooch ganz gutt geet, dass et ni méi Spriecher goufen an dass se ni méi benotzt ginn ass wéi hautzedaags. Et gëtt sech lëschteg gemaach wann d'UNESCO si op d'Lëscht vun den bedréiten Sproochen setzt an d'Verfechter vun eiser Sprooch ginn als verréckt oder réckstänneg bezeechent.

Wéi ass dann elo d'Situatioun vun eiser Nationalsprooch? Aus statistescher Siicht, schéngt et, datt déi absolut Zuel vun de Leit déi Lëtzebuergesch schwätzen geklomm ass, wat natierlech mam staarke Wuesstem vun der Bevëlkerung verbonnen ass. Dës Erhéijung ass awer eng Illusioun an et ass wichteg déi relativ Zuelen kucken, déi de Géigendeel weisen: De Prozentsaz vun de Leit, déi Lëtzebuergesch kënnen geet säit Joerzéngten erof a besonnesch an de leschte Joren. Laut der Vollekszielung vun 2011, sinn et just nach 70,5% vun der Bevëlkerung, déi d'Lëtzebuerger Sprooch am Alldag benotzen. An der Stad Lëtzebuerg sinn et souguer nëmmen nach 48,8%. Fir et kloer ze soen, méi wéi 50% vun den Awunner vun der Stad Lëtzebuerg kënnen net méi Lëtzebuergesch schwätzen oder benotzen et op mannst net méi! An duerch den ëmmer méi héijen Undeel vun auslännesche Matbierger an der Haaptstad wäert d'Zuel vun deenen déi Lëtzebuergesch schwätzen och an Zukunft wieder erof goen.

Dëst mierken Lëtzebuerger och an hirem Alldagsliewen wou si gesinn dass an de leschten 3 Joerzéngten en Réckzuch vun hirer Sprooch a ville Beräicher statt fonnt huet: Eltereversammlungen an der Schoul, Quartiersreuniounen, Trainingen vun de Sportveräiner, kulturell oder sportlech Manifestatiounen, d'Massen vun der kathoulescher Kierch, bei der Weiderbildung, op Kalenneren, Flyeren vun de Geschäfter

a Veräiner, Reklammen am Kino, verdeelte Broschüren ....
Net ze schwätzen vun de Geschäfter, Restauranten a Spideeler, wou, an der 80er joren (jo, et ass haut schwéier ze gleewen), bal d'ganzt Personal Lëtzebuergesch geschwat huet.

Fakt ass: D'Lëtzebuerger Sprooch verschwënnt lues a lues aus dem ëffentleche Raum, a gëtt virun allem duerch déi franséisch ersat. Dat selwecht geschitt mam Däitschen, dat fréier eng wichteg Roll hat bei Reklammen, Schëlter an Fluchziedelen. An deem Kontext sollt een drun denken dass Franséisch eng Friemsprooch fir 90% vun der Populatioun vu Lëtzebuerg duerstellt.

Fir "in" ze sinn ginn haut eng ganz rei vun Publikatiounen zweesproocheg Franséisch / Englesch ugebueden. Dat hëlleft dem Duerchschnëttslëtzebuerger awer an villen Fäll net onbedéngt weider.

Et sollt een net vergiessen dass et Leit ginn déi sech ganz schwéier dinn fir Friemsproochen ze léieren (z.B. Leit mat Behënnerung, Leit mat Sproocheproblemer, Leit mat Léierschwieregkeeten) oder se vergiessen (al Leit, dement Leit, Leit déi laang am Ausland gelieft hunn) oder se nach net geléiert hunn ( Kanner, Auslänner).

Fir d'Regierung vum Här Bettel, schéngt dat keng Prioritéit ze sinn. An domat sinn sinn si wäit ewech vun de Suerge vun der Bevëlkerung. De Minister Meisch geet esouguer sou wäit an gëtt dem ganzen Debat eng komplett falsch Richtung wann hien déi franséisch Sprooch zur „Iwwerliewensprooch" zu Lëtzebuerg deklaréiert.

Wat kéint dann elo eng Regierung maachen fir de Lëtzebuerger Sprooch laangfristeg ze hëllefen?

- D'Wichtegkeet vum Lëtzebuergesch, als eenzeg Nationalsprooch vum Land, am Alldag ervirsträichen.

- D'Presenz vun der Lëtzebuerger Sprooch verstäerken op den Internetsäiten vu Gemengen a Staat, Stroosseschëlter a Panneauen a ganz generell, am ëffentlech Raum.

- Lëtzebuergesch unerkennen loossen als eng offiziell Sprooch vun der EU.

- De lëtzebuergeschen Schoulsystem als beschten Integratiounswee promovéieren.

- Lëtzebuergesch muss eng prioritär Roll spillen an de Crèchen an an aneren Bildungsstrukturen

- d'Immigranten dozou motivéieren fir als éischt Sprooch Lëtzebuergesch ze léieren,

- an hinnen erlaben zu Lëtzebuerg ze liewen, ouni onbedéngt den Ëmwee iwwert d'Franséisch mussen ze maachen

Zum Schluss wollte mer kloer stellen: Dës Mesuren géifen kengem schueden! D'Zil ass weder eng eng identitär oder national Réckbesënnung nach an Afrostellung vun eiser sou wäertvoller Méisproochegkeet. Et ass eng oppen Dir fir d'Integratioun an eng Hëllef fir en laangfristegt Iwwerliewen vun eiser Sprooch.

Fred Keup, Mamer
Initiativ Wee2050 / nee2015

24. September 2016 am Wort